

Chrëschtadagevenementer am Cercle (Quo vadis, Lëtzebuerg?).

- 2011 Obwuel hie géint kee Gesetz a keng Reegel verstéisst, däerf den SDF net virum "Cercle" sëtze bleiwen, well dat déi besser Herrschaften, déi dobannen e Chrëschtadagevenement feieren, stéieren oder dégoutéiere kéint. An d'Police seet, dass si hien, wann hie net fräiwëlleg do ewechréckelt, mat den Hoer iwwert de Pawee vun do fortschleefe géingen.
- 2012 D'Situatioun ass ähnlech wéi dat Joer virun, ausser dass d'Policen, déi erbäigeruff goufen, fir deene besseren Herrschaften den Ubléck vun engem SDF ze erspieren, kee Wuert zu dësem soen, mä hie bei den Hoer paken an iwwert de Buedem bis virun de Chrëschtbeemche géigeniwwer vum "Cercle" schleefen.
- 2013 D'Politiker hunn endlech reagéiert an eng Rei vun Anti-SDF-Gesetzer beschloss, déi, ënner anerem, d'Sëtze virum "Cercle" verbidden, wa gewichteg Leit dobannen hir Party feieren oder de Gemengerot do eng Sëtzung huet an déi et der Police och offiziell erlaben, d'SDF mat alle Mëttele vun esou Plazen ze verdreiwen.
- 2014 Well d'Policen ëmmer méi gebraucht ginn, fir ëmmer méi Leit, déi ëmmer manner fir ze liewen hunn an duerfir ëmmer méi haart no sozialer Gerechtegkeet jären, kleng ze halen, ass d'Verdreiwe vun den SDF virum "Cercle" (an ähnliche Plazen) elo eng Saach vun de Brinks-, Dussmann- a Schmitt-Privatarméien, déi och gesetzlech d'Recht kruten, all déi nidder ze knëppelen, déi sech do ophalen.
- 2015 Den Zentrum vu Luxembourg-City ass endlech SDF-fräi. Di nei Gesetzer, déi fir Chrëschtadag sollen a Kraaft trieden, verbidden et den SDF an all deem anere Gesindel sech an deene Quartiere vun der Stad opzehalen, wou si deenen, déi d'Geld an d'Muecht hei am Land hunn, d'Freed um Feiere mat hirer Präsenz kéinte verdierwen.
- ca 2020 Fir d'SDF hu si eng Enn-Léisung fonnt, mä domat ass nach ëmmer net séchergestallt, dass deene bessere Leit den Appetit an d'Loscht um Party maachen net awer kéint vergoen. Schliisslech gëtt do nach aner Elementer, déi si kéinten uneekelen, wann si hinne begéinen: di Behënnert, di Krank, di Al a Gebriechlech...